



Dépôt: M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 25.03.2011

6269 - *Projet de règlement grand-ducal concernant la participation du Luxembourg à la Force Internationale d'Assistance à la Sécurité en Afghanistan (FIAS) sous l'égide des Nations Unies dans le cadre de la Brigade franco-allemande*

3) *La pétition n°305 contre l'installation d'un centre de soins pour cygnes a été remise par les habitants de la ville de Stadtbredimus en date du 22 mars 2011.*

4) *Du 1^{er} au 3 avril 2011 s'est tenue à Ponta Delgada aux Açores la Commission permanente de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN. La Chambre des Députés y était représentée par MM. Norbert Hupert et Marc Angel.*

5) *M. le Président, Laurent Mosar, s'est rendu à Bruxelles le 4 avril 2011 pour assister à la Conférence des Présidents des Parlements de l'Union européenne.*

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Changement de composition d'une délégation internationale

An hirem Bréif vum 15. März 2011 huet d'CSV-Fraktioun matgedeelt, datt den Här Lucien Thiel den Här Jean-Louis Schiltz als Member vun der Delegatioun vun der UEP ersetzt.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

4. Retracts du rôle des affaires de la Chambre des Députés

Op Ufro vun der Regierung huet d'Présidentekonferenz sech ebenfalls derfir ausgeschwat, véier Projets de règlement grand-ducal vum Rôle ze sträichen. Dat wären: den 6175, de 4618, de 4617 an den 4368.

Ass d'Chamber heimat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

5. 6263 - Proposition de loi

1. portant modification de la loi du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques;

2. portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 31. März huet sech d'Présidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi N°6263, eng Ofännerung vum Parteifinanzierungsgesetz, déi vum Här Paul-Henri Meyers de 16. März depouéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

6. Ordre du jour

D'Présidentekonferenz schléit fir des Woch folgenden Ordre du jour vir:

Haut de Mëtteg hu mer fir d'Éischt de Projet de loi 6265, eng Modulatioun vum Index, nom Modell 1; dann de Projet de loi 5881A iwwert de Code de la consommation, nom Modell 1; dann de Projet de loi 6165, d'Ëmsetze vun enger Direktiv am Beräich vun de Kreditinstituter, nom Basismodell; de Projet de loi 6211 iwwert d'Loftverschmutzung, och nom Modell 1; de Projet de loi 6224, eng Direktiv iwwer organesch Verschmutzer, nom Basismodell; an dann de Projet de loi 6235, eng Konventioun mat Moldawien iwwert d'Sécurité sociale, och nom Basismodell.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi hu mer d'Deklaratioun vum Statsminister Jean-Claude Juncker zur Lag vun der Natioun.

En Donneschdeg de Moien um 9 Auer hu mer d'Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun, nom Modell 7.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6265, eng Modulatioun vum Index. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Här Spautz, Bauler, Lux a Kox. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

7. 6265 - Projet de loi adaptant certaines modalités d'application de l'échelle mobile des salaires et traitements et modifiant l'article 11 de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Hären, de Projet de loi 6265 adaptant certaines modalités d'application de l'échelle mobile des salaires et traitements et modifiant l'article 11 de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État, deen ech méi einfach d'Adaptatioun vun der Lëtzebuurger Gesetzgebung iwwert den Index nennen, ass den 18. März vun deem Joer hei an der Chamber vum Wirtschaftsminister déposéiert ginn.

De Statsrot huet den 22. März 2011 säin Avis ginn. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics souwéi d'Chambre des Métiers hunn hir Avisen de 17. März respektiv den 28. März vun deem Joer ginn.

An der Ekonomieskommissioun ass de Projet de loi den 31. März vun deem Joer mat fënnef Jo- vun CSV an LSAP an dräi Nee-Stëmme vun DP an déi gréng ugeholl ginn.

Virwech kann ech soen, dass dese Projet de loi nëmme aus engem Artikel an zwee Paragraphen besteet a sech op dat bestehend Gesetz iwwert den Index baséiert. Den Objet, de Sënn vun deem Projet de loi ass, fir déi automatesch Upassung vun de Léin, Gehälter a Renten zäitlech ze moduléieren, esou wéi et am Accord tëschent der Regierung an de Gewerkschaften OGB-L, LCGB an CGFP vum Hierscht 2010 zréckbehale gouf.

Den Indexsystem gëtt temporär moduléiert, andeems déi nei Indextranche net automatesch applizéiert gëtt, wa se erfält, dat heescht, wann d'Moyenne semestrielle vum Präisindex ëm 2,5% geklommen ass par rapport zu der vieregter Cote d'échéance. Den Accord bipartite gesäit notament vir, dass déi nächst Indextranche fréistens den 1. Oktober 2011 - also vun deem Joer - applizéiert gëtt.

Vu dass déi rezent héich Inflation, gedriwwen duerch héich Rohstoffpräisser a virun allem duerch déi héich Pétrolspräisser, bedéngt, dass déi nächst Indextranche schonns am Abrëll 2011 erfält an am Mee 2011 - also dës Joer och - hätt misse ausbezuel ginn, muss duerch desen Ëmstand léigiféiert ginn, fir de Konkursioun vum Accord bipartite Rechnung ze droen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Index ass schonn zënter senger flächendeckender a generaliséierender Uwendung am Joer '75 e puermol moduléiert ginn, wann d'wirtschaftlech Situatioun vun eise Land net zum Beschte bestallt war. Ech erënneren do un déi 80er Joren, wou duerch eng extrem héich Inflation den Index e puermol moduléiert gouf.

Déi lescht Modulatioun vum Index resulitéiert aus dem Joer 2006, wou d'Tripartite sech konnt op folgend Moosnamen eenegen: eng temporär Verzögerung vun den Indextranchen tëschent 2006 an 2009;

d'Neutralisatioun vu verschiddenen Taxen a Prélèvementen aus dem Präisindex, zum Beispill d'Taxen op de sougenannten Alkopops, um Tubak an och nach op der Kyoto-Tax; d'Desindexéierung vum Kannergeld a vum Forfait d'éducation. Woubäi ze bemierke bleift, dass des lescht genannte Moosnamen awer duerch d'Schafung vun engem Kannerboni an engem Crédit d'impôt ofgediert goufen.

Här President, no engem kuerzen historéische Réckbléck kommen ech awer elo zum eigentleche Gesetzesprojet, dee mer haut de Mëtten ofzestëmmen hunn.

Wéi kouw et zu deem Accord bipartite mat de Gewerkschaften?

No der rezenten Finanzkris, déi, wéi mir allegueren wëssen, negativ Auswierkungen op d'Weltwirtschaft an och op eis national Économie hat, huet am Fréijoer 2010 de Comité de coordination tripartite sech Gedanken iwwert déi ekonomesch, sozial a finanziell Situatioun vun eise Land gemaach. D'Diskussiounen hu sech ëm d'Kompetitivitéit vun eiser Économie, iwwert den Emploi an de Chômage an domadder ëm déi öffentlech Finanzen gedéiert.

D'Héicht vun der Verschëldung vun eise Land, déi national Investissementen an den Équilibre vum Statsbudget fir 2014 waren e puer vun de Schwéierpunkte vun den Debatten och hei am Haus. D'Regierung an d'Sozialpartner sinn am Kader vun der Tripartite am März an am Abrëll 2010 e puermol zesummekomm.

De 27. Abrëll, no der fënnefter Sitzung vun der Tripartite, ass et zu kengem Accord komm, an de Premier konnt leider nëmme d'Scheitern vun de Verhandlungen feststellen. Den Haaptknackpunkt war déi automatesch Upassung vun de Léin, Gehälter an de Renten un d'Inflation, also den Indexmechanismus.

No deem Constat huet d'Regierung déi sougenannte Bipartité mat de Sozialpartner ageruff an den 29. September 2010 an enger Réunioun tëschent enger Delegatioun vun der Regierung an de Gewerkschaften Folgendes a puncto Index festgehalten:

Éischten, wat den Index ubelaangt, esou gëtt déi nächst Indextranche fréistens den 1. Oktober 2011 applizéiert;

zweetens, am Fall, wou 2012 eng Indextranche a manner wéi zwee Méint virun der Fällgkeet vun der leschter Indextranche erfält, gëtt d'Tripartite zesummegegruff, fir iwwert déi wirtschaftlech Situatioun ze beroden, an

drëttens, am Fall, wou de Punkt 2 antrëtt, dat heescht, wann den Indexmechanismus an deenen zwielef Méint no der leschter Fällgkeet antrëtt a wann d'Präisheicht duerch de Pétrolspräis ausgeléist ginn ass, ënnersicht d'Regierung d'Méiglechkeet, fir Kompensatiounsmesurë fir déi niddreg Léin anzeféieren. Dës ënnert dem Virbehalt vun der Situatioun vun den öffentlechen Finanzen.

Bei deem Projet de loi war och eng Fiche financière derbäi, aus där ervirgeet, dass, wann den Index véier Méint méi spéit antrëtt, d'Reduktioun vum Coût salarial fir d'Employeuren ronn 160 Milliounen Euro, dorënner 28,2 Milliounen Euro fir de Stat, bedeit. Duerch d'Inflation awer erfält elo déi nächst Indextranche net véier Méint, mä souguer fënnf Méint méi spéit. Héichgerechent bedeit dat, dass den Accord bipartite eng Reduktioun vum Coût salarial vu ronn 200 Milliounen Euro fir d'Employeuren, dorënner ronn 35 Milliounen Euro fir de Stat, mat sech bréngt.

De Statsrot plädéiert a sengem Avis fir weider Moosname géint d'Inflation, well de Statsrot der Meenung ass, dass d'Inflation a Kombinatioun mat automatescher Indexéierung vun de Gehälter sech negativ op eis Wirtschaft an op d'Schafe vun Aarbechtsplazen auswirkt. Dem Statsrot no erlaabt des Indexmodulatioun, d'Entpreisen an d'Statsfinanzen zumindest emol zäitweis ze entlaaschten. Weider Moosname mussen awer onbedéngt nokommen, fir d'Wirtschaft erëm richtig unzekuerbelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mir an der Ekonomieskommissioun de Projet de loi analyséiert hunn, hu mir eis och mat de rezenten Inflationsprognose

vum Statec fir d'Joren 2011 an 2012 auserneegesat. Dës Prognose gesinn dräi Zeenarië vir, déi op ënnerschiddlechen Hypothese berouen. De Statec kouw a sengem mëttelsten Zeenario, deen op engem Pétrolspräis vun 102,6 US-Dollar de Barrel baséiert, op een Inflatiounstaux vun 3% fir d'Joer 2011 an 2,1% fir d'Joer 2012. Domadder géif déi iwwernächst Indextranche am zweeten Trimester 2012 erfalen.

Dem ieweschten Zeenario no, dee vun engem Pétrolspräis vun 122,6 US-Dollar de Barrel ausgeet, géif déi iwwernächst Indextranche souguer schonn am Februar 2012 erfalen.

Nom ënneschten Zeenario, deen op engem Pétrolspräis vun 82,6 US-Dollar baséiert, wier déi iwwernächst Indextranche - ech kommen dozou, Här Bausch - den August 2012 fällg. Wann een den aktuelle Pétrolspräis kuckt, plus ou moins 115 US-Dollar de Barrel,...

► **Une voix.**- ...120.

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.**- ...120 fir Mee, wann d'Livraison Mee ass, ass desen Zeenario awer relativ onrealisteschen.

Bei allen dräi Zeenarië géifen de Punkt zwee an de Punkt dräi vum Accord bipartite also applizéiert ginn: D'Tripartite kënnt zesummen, fir déi wirtschaftlech Situatioun ze analyséieren an déi néideg Konkursiounen ze zéien. D'Regierung ënnersicht - compte tenu vun der Situatioun vun den öffentlechen Finanzen -, méiglech Kompensatiounsmesurë fir déi niddreg Léin anzeféieren.

Fir weider Detailer verweisen ech gären op mäi schrëftleche Rapport a ginn natierlech am Numm vun der LSAP-Fraktioun den Accord zu deem Projet de loi.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Merci. Als éischte Riedner ass den Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Alleréisch wëll ech e grouse Merci soen dem Rapporteur fir säi schrëftleche wéi och fir säi mëndleche Bericht. Den Index war am vergaangene Joer eng grouss Diskussioun hei am Land, an nodeem d'Tripartite keen Accord fonnt hat, ass et duerno zu engem Accord komm an der Bipartite, wou och den Index ee vun den Haaptpunkte war. Dat Ganzt muss een och kucken innerhalb vun dem Stabilitéitspakt, deen huet misse gemaach ginn.

Déi Fro, déi ee sech stelle kann, dat sinn déi Chifferen, wou d'Ekonomieskommissioun dermat geschafft huet, an och, wou de Statec dermat geschafft huet, dat war mat Chifferen vu virun der Presentatioun vum 29. März 2011, wou an der Finanzkommissioun déi nei Chifferen presentéiert gi sinn. An do ass et dofir heiansdo ebe méiglech, dass déi eng Previsioun sech e bëssen net méi mat där anerer iwwerdeckt an dass et do Ënnerscheeder gëtt.

Mä wéi ass et? D'Realitéit riicht sech net ëmmer no de Prognosen. Dat ass esou bei deene Chifferen, dat ass esou, wann een den Ënnerschied mécht tëschent engem Budget an engem Kont. Mä dat ass awer leider d'Realitéit.

Wéi de Rapporteur, de Claude Haagen, gesot huet, huet deen Accord virgesinn, dass den 1. Oktober 2011 sollt fréistens déi éischt Indextranche erfalen. Mir sinn elo fënnf Méint virdrun, den 1. Mee, wann no deene Chifferen, déi bekannt sinn..., mä ech mengen, muer oder iwwermuer tagt eréischt déi zoustänneg Kommissioun, fir déi Analys ze maachen.

Déi zweet Hypothese war, dass duerno, wa virun 2012 eppes géif stattfannen, eng Concertatioun innerhalb der Tri- respektiv der Bipartite géif stattfannen. An drëttens, wann d'Pétrolspräisser géifen an d'Luucht goen, wier et och wichteg, dass da Kompensatiounsméiglechkeete géife gemaach



gi fir déi Leit, déi méi op deene schwaache Revenuë sinn.

Ech mengen, och eppes anescht, wat een awer an deem Kontext net däerf vergiessen, dat ass den Observatoire des prix. Dat war och eppes, wat deemools diskutéiert gi war an där Bipartite wéi och an der Tripartite, fir ze kucken, wéi wichteg et ass, dass och d'Präisentwécklung kontrolléiert gëtt, op wat dat zrëckzeféieren ass. A wann een d'Analyse kuckt, déi mer vum Statec an der Kommissioun kritt haten an déi och duerno veröffentlecht gi sinn, do sinn heiansdo Ofweichungen.

Wann ech nëmmen huelen, dass d'Prix administré 0,46 Punkten ausmaachen an deem Ganzen, sou beweist dat, dass et och wichteg ass fir eis, dass mer deen Observatoire des prix kréien - den Office des prix gëtt et jo scho méi laang net méi -, fir och do kënnen opzepassen, wou déi Präisentwécklungen hierkommen, wou déi Präissteigerungen hierkommen. Well et och wichteg ass, dat ze wëssen, net nëmmen am Kader vum Index, mä och am Kader vun der Kompetitivitéit, fir ze wëssen: Wou ass déi Präisentwécklung, déi do ass?

Well wa mer vu Kompetitivitéit schwätzen, sou schwätze mer jo dann och net nëmme vu Lëtzebuerg, mä mir schwätzen och vun der Groussregioun. An do ass et an engem vun deenen Avisen..., wou mer och zäitlech gesi leider net méi d'Chance haten, an der Ekonomieskommissioun driwwer ze schwätzen; mir hate just dee vun der Chambre des Fonctionnaires mat - wéi soll ech dat soen? -, mat Zäit virleien. Déi zwee aner, d'Chambre des Métiers an d'Chambre des Salariés, sinn eréischt nokomm, dofir konnte mer déi Chifferen net méi begutachten.

Mä wann een elo och kuckt, och an deenen Avisé vun deene Chamberen gëtt och trotzdeem op verschidden Ennerscheeder higewisen. A wann een da schwätzt vum Coût horaire, deen ee vergläiche kann an der Groussregioun, stellt een awer fest, dass deen am Verglach vu Lëtzebuerg, Däitschland, Frankräich an der Belsch nach ëmmer deen niddregsten ass an dass dat awer och an der Kompetitivitéitsdebat stëmmt.

Et muss een och kucken, wa mer vun de Finances publiques schwätzen, dass do nach ëmmer verschidde Leit e bëssen am Duerjernee schwirren, dass se net wëssen: Wat ass den Zentralstat? Wat ass de Gesamtdéfizit, deen et gëtt? Well et ass aus enger Statistik eng Kéier ervirgaangen, wann ee kuckt vun 2002 bis 2009, wat do alles als Previsiounen gemaach ginn ass fir den Zentralstat a wat herno an de Konte stattfonnt huet, dass do awer ëmmer Ofweichungen stattfonnt hunn an dass et och wichteg ass, dat eng Kéier ze analyséieren.

Wann ee seet, mir haten e PIB vun 2,4% op 2002, deen op eemol erofgaangen ass op e Minus an duerno erëm eropgaangen ass op e Kont, op e Plus. Wann een awer dann d'Konte kuckt, dass mer fir d'Joer 2008 nach e Plus hate vun 2,9%, an awer fir 2009 e Minus hate vun 0,7%, sou ass dat awer och, dass dat eppes ausseet: dass et eiser Ekonomie net esou gutt geet, wéi mer mengen, och wa mer gëschter jo héieren hunn, dass den FMI mengt, dass Lëtzebuerg aus der Kris eraus ass.

Wann een haut déi international..., net déi international, mä déi national Press liest, dass Lëtzebuerg aus der Kris eraus wier, sou däerf ee sech awer do nach ëmmer d'Fro stellen, ob dat esou ass, ob mer wierklech d'Talsolei erreicht hunn. Oder ob et awer net och wichteg ass, dass mer awer nach kucken, dass mer eppes maahe fir d'Kompetitivitéit an dass mer awer och gläichzäiteg oppassen, dass d'Präisentwécklung hei a Lëtzebuerg am Grëff behale gëtt.

Dofir wier et och sécherlech ganz wichteg, dass mer deen Office des prix oder déi Analys vun de Präisser kréien, fir och dat Ganz ze iwwerhuelen. Et ass wichteg, dass mir eis Verantwortung iwwerhuelen an dass mer eis net ëmmer hanner aneren

Argumenter verstoppen. Ech wollt och domadder soen, dass ech fir dee ganzen Accord hei d'Zoustëmmung gi vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Marc Spautz. Als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut e Projet de loi hei virleien, dee fir d'Demokratesch Partei net dat erëm-spigelt, wat ee maache soll, wann een déi Problemer kennt, déi eist Land nun eemol zurzäit huet. Dëse Projet de loi dréit net dozou bäi, datt d'Inflatioun, déi hei zu Lëtzebuerg, wéi mer alleguer wëssen, e gudder Krack iwwert der EU-Moyenne läit, gebremst gëtt. An en dréit och net dozou bäi, datt d'Attraktivitéit vun eiser Wirtschaft ofgeséichert gëtt.

Mir hunn als Demokratesch Partei virun der Décisioun an no der Décisioun vun de Bipartiten eng ganz kloer a responsabel Haltung am Dossier Index ageholl. Jo, den Index ass zënter Jorzéngten en Instrument, dat de Garant ass fir de soziale Fridden hei am Land. Dozou steet d'Demokratesch Partei ganz kloer. Mä mir soten och schonn an eise Wahlprogramm, datt mir, wa mer an enger wirtschaftlech schwieriger Situatioun sinn, dann och musse bereet sinn, doriwwer ze schwätzen an doriwwer nozedenken.

Wann een also riskéiert, datt d'Betriber Problemer kréien an doduerjer Aarbechtsplazen a Gefor geroden, da si mer eis an eiser Fraktioun eens, datt ee muss kënnen iwwert den Index nodenken. Mir wëllen d'Kafkraaft erhalen, mä net op d'Käschte vun Aarbechtsplazen. Am Kader vun de Budgetsdebatten huet de Claude Meisch dat op dëser Tribün ennerstrach.

D'Demokratesch Partei huet duerfir virgeschloen, datt mer op de Wee vun engem nohaltegen Index sollte goen. D'Energiepräisser hätten also an engem reforméierte Wuerekuerf e manner staarkt Gewicht, esou datt een och wierklech en Ureiz fir d'Bierger géif schafen, sech méi ekologesch a méi nohalteg ze verhalten.

Souguer den Här Statsminister hat an dësem Kontext op d'Méiglechkeet higewisen, d'Pétrolspräisser aus dem Wuerekuerf erauszehuelen. Et kënnt net sinn, huet hie betount, datt, wann iergendwou an engem arabesche Stat, dee Pétrol produzéiert, eng politesch Kris oder e militäresche Konflikt ausbrécht, dat dann direkt heiheem bannent kuerzer Zäit zu enger Indexbranche féiert, déi eis Betriber, virun allem déi méi kleng a mëttelgrouss Betriber, belaascht an Aarbechtsplazen a Gefor bréngt, oder et souguer zu Sozialofbau kéim, well den Entreprises d'Lounkäschten ufänke fortzelafen.

Et wier also deemno e gudden Deal gewiescht, fir à la fois op de Wee vun engem nohaltegen Index ze goen a gläichzäiteg derfir ze suergen, datt de Mindestloun ugepasst gëtt. D'Regierung huet an hirem Deal, dee se am Kader vun der Bipartite mat de Gewerkschaften an dem Patronat ficeléiert huet, de Wee vun engem Verréckele vun der nächster Indexbranche, déi theoretesch geschwënn erfale misst - et ass elo virdru gesot ginn -, gewielt.

Domadder ass strukturell iwwerhaupt näischt geännert ginn. Mir als Demokratesch Partei hätten eis vun der Regierung méi Courage gewënscht an e méi geschlossent an decidéiert Optrieden an dëser Matière. Mam nohaltegen Index a mat enger Adaptatioun vun deenen enneschte Léin no uewen hätt een also souwuel eppes fir d'Ëmwelt wéi och a grad fir déi mannernbemëttelt Leit gemaach. Elo bleift dee soziale Volet iwwreg an d'Ëmwelt denke kënnt ze kuerz!

Mam nohaltegen Index hätt mir och kloer méi Sue kënnen an d'Statskeese spueren, de Statsbudget wier méi spierbar entlaascht ginn an déi gespuerte Suen hätt ee kënnen fir d'Budgetssanéierung virgesinn oder, enner Ëmstänn, an dréngend sozial oder schoulesch Infrastrukturprojeten investéieren, déi elo an der Kris ze kuerz kommen, well se op Äis geluecht goufen. Dobäi däerf een net vergiessen, datt et och dës Bauprojekte wieren, déi Aarbecht scha-

fen an déi domadder e Stéckelchen zum soziale Fridden hei am Land bäidroen.

Den nohaltegen Index, gekoppelt un d'Adaptatioun vun de Mindestléin, wier och eng méi sozial gerecht Politik gewiescht, well se deene mannernbemëttelte Salariéen hëlleft an d'Inflatioun net weider no uewen dreift. Et wier, wéi de Claude Meisch dat hei op der Tribün och schonns am Dezember treffend sot, zu enger Bremsung vun der Präisdeierecht komm. Mir hätten d'Inflatiounsdyamik manner staark ugeheizt, zemoools well dës Dyamik hei zu Lëtzebuerg bekanntlech méi staark ass wéi am EU-Duerchschnëtt an an eisen Nopeschlänner.

Zurzeit läit den EU-Duerchschnëtt bei ongeféier 2,3%, mir awer leien heiheem schonns mëttlerweil bei 3,6%! Dat war am Februar, d'Tendenz ass steigend. Effektiv, 2009 louch den Taux grad emol bei engem hallwe Prozent, 2010 bei 2,3%. Et ass kloer, datt dat net zur Attraktivitéit vun eiser nationaler Ekonomie bäidréit an datt eis déi héich Inflatioun, gekoppelt mat steigenden Zuele vu Chômeuren, deier ze stoe kënnt.

D'Hausse vun der Inflatioun huet net nëmmen d'Pétrolspräisser als Ursaach, mä och d'Croissance bei de Präisser vun den lesswueren, déi sech duerch schlecht Récolten an duerch déi virleefeg Reprise vun der weltwäiter Demande erklären. Derbäi kommen dann nach d'Steigerunge bei den administrative Präisser heiheem, esou datt vill Betriber net derlaanscht kommen, hir Verkaufspräisser no uewen ze ajustéieren. Dat féiert nees zu engem „effet de second tour“, wéi d'Handwierkerkummer dat nennt, vläicht souguer zu enger Inflatiounsspiral, wéi d'Ekonomiste soen.

Lëtzebuerg huet elo schonn eng méi héich Inflatioun wéi seng Nopeschlänner. Mat engem nohaltegen Index hätte mir, jiddefalls op sozialem Plang, eppes Guddes gemaach, well mir domadder Aarbechtsplazen net onnéideg a Gefor bruecht hätten. Wien Aarbechtsplazen erhält, stäipt logescherweis och d'Kafkraaft. Dee mécht net nëmmen eppes fir déi national Wirtschaft, mä folglecherweis och fir d'Statskeesen, déi jo fiskal Recettë brauchen, fir sozial Dépenses ze finanzéieren.

Den Deal, deen d'Regierung an der Bipartite mat de Gewerkschaften ofgeschloss huet, ass aus eiser Siicht keng durabel Léiung vum Problem. Et ass, wéi déi Däitsch dat nennen, ein Aussitzen der Probleme. Um Viowend vun de Gemengewahlen erfält plangeméis eng Indexbranche, déi, vu déi steigend Pétrolspräisser, schonns eng Zäit virdrun hätt missen erfalen, mä mat dëse gesetzlechen Upassungen eréischt den 1. Oktober erfält. Dat ass esou sécher wéi d'Amen am Gebiet.

D'Regierung wäert weider op besser Zäiten hoffen, op e Wirtschaftswuesstum, deen eis laanscht strukturell Verännerungen an eng méi nohalteg orientéiert Politik féiert. Ob dës Rechnung awer opgeet, dat woe mir als Demokratesch Partei ze bezweifelen. An duerfir sinn dës Moossname fir eis eng Plooschter op en hëlzent Been!

Mir plädéieren dergéint fir eng aner Opstellung, eng aner Kompositioun vum Wuerekuerf, déi d'Nohaltegkeet an de Mëttelpunkt stellt, déi also och ëmweltpoliteschen Aspekter Rechnung dréit an d'Erhale vun den Aarbechtsplazen net aus den Ae verléiert. Duerfir kënne mer dës Measure net matdroen a mir wäerte se dofir och net stëmmen.

Ofschléissend soen ech awer dem Rapporteur, dem Claude Haagen, Merci fir säi schrëftlechen a mëndlechen Bericht an ech bedanke mech fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner ass den Här Henri Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Här President, Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, Merci och dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Ech wëll et direkt virausschécken: Mir kënne mat dëser Modifikatioun vum Index net d'accord sinn, well et u sech net d'Äntwert ass op d'Problematik, déi sech hei stellt.

Virop awer direkt, dass mer den Index net wäerten ofschafen. Mir sinn der Iwwerzeugung, an dat hunn och meng Virriedner schonns gesot, dass den Index e wichtige Garant hei zu Lëtzebuerg ass fir de soziale Fridden an e wäert och weiderhin e ganz wichtige Garant fir de Fridde sinn.

Den Ausgläich vun der Präisentwécklung stellt sech ëmmer da ganz kloer, wann d'Inflatioun galoppéierend no vir geet. Am Gesetzestext steet, dass e sech op den Accord vun der Tripartite, oder besser gesot der Bipa... elo kréien ech dat net eraus, pardon, nach eng Kéier: Bipar...

(Interruptions)

Bipartite, pardon! Ech loosse et einfach ewech. Also déi zwee, déi sech zesummegeat hunn...

► **Une voix.**- Eng Zweeërronn.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Eng Zweeërronn. Déi sech zesummegeat hunn, fir zu engem Accord ze kommen.

► **Une voix.**- Géif Bipartite besser...

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Also déi zwee, déi sech zesummegeat hunn, fir en Accord ze fannen, hunn nämlech ausgehandelt, éischens, dass déi nächst Tranche eréischt den 1. Oktober sollt erfalen! A bei der Hypothees, dass, wann déi nächst innerhalb vun zwielef Méint sollt erfalen, sech nach eng Kéier zesummegeat sollt ginn, fir kënnen iwwert d'Konsequenzen ze diskutéieren.

An am drëtten Fall - an dat ass vläicht dat wichtegst Element an där ganzer Diskusioun -, dat ass, wann den Uelechpräis galoppéierend an d'Luucht geet, da soll en Ausgläich agefouert ginn, insbesondere fir déi Leit, déi an der ënneschter Skala vun der Lounentwécklung sinn, esou dass dat awer dann... ënnert der Bedéngung, dass och déi néideg budgetär Mëttelen zur Verfügung stinn.

Mir mengen, dass dësen Accord haut schonns praktesch hifälleg ass, well net méi spët wéi de Moie konnt een um Radio héiere respektiv an der Zeitung liesen, dass de Barrel mëttlerweil op 120 Dollar an d'Luucht geklommen ass, an an all Previsiounen, déi mer och an der Kommissioun diskutéiert hunn - ech wëlt dorobber nach hiweisen: déi héchst Inflatioun bei 3,4 fir dat nächst Joer -, ass gerechent gi mat 122 Dollar de Barrel.

Mir mengen, dass mer haut schonns missten all Mechanismen a Bewegung setzen, fir nei Diskusiounen ze lancéieren, well dat heiten eben zu enger weiderer Inflatioun wäert féieren. An eng Inflatioun, déi u sech och net opzehale wäert sinn, well mer ëmmer méi Ofhängegkeet vum Uelech kloer opgewise kréien.

Déi Kuerzfristegkeet ass och hei nach ëmmer präsent, an dofir menge mer, dass mer endlech e Wee missten opweisen, fir aus där Uelechspirale erauszekommen. Déi Uelechspirale, déi Ofhängegkeet vun eiser Wirtschaft vum Uelech ass ganz flagrant. Och de Präis, dee mer haut bezuelen, ass net direkt d'Spigelbild, sécherlech och d'Spigelbild vum Konflikt am Noen Osten, a Libyen, mä ass virun allem op d'Usprange vun der Weltwirtschaft erëm zrëckzeféieren. Dat soen all Ekonomisten, dass d'Weltwirtschaft ganz kloer en Zesummenhang mat dem Uelech huet.

All seriö Etüd geet mëttlerweil dovun aus, déi sech e bësse méi mat dem Uelechphenomeen ausenansetzt, dass mer de sougenannten Uelechpeak erreicht hunn, dat heescht, de maximale Förder...

Am Moment kréien ech just gesot, 121 Dollar ass de Barrel schonn an d'Luucht.

(Interruptions)

Mä ech mengen, dass mer...

(Brouhaha)

...de maximale Förder...

(Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Ech bieden Iech, dem Här Kox nozelauschten!

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- All seriö Etüd geet dovun aus, dass mer haut schonn déi maximal Fördercapacitéit vum Uelech erreicht hunn an dass mer fréier oder spéier net laanscht eng ganz substantziell Erhéijung vum Uelech wäerte kommen.



Dofir ass aus eiser Siicht ganz kloer, dass mer net einfach eng Modulatioun sollten ustriewen, mä dass mer onbedéngt kucken, den Index esou ze diskutéieren, dass mer déi Präishaussen net méi esou an eiser Inflatoun zrëckfannen, an dass mer dorausser keng dreiwend Kraaft, dreiwend Mechanissem erauskréien, wat d'Wirtschaft weiderhi beanträchtegt.

Dat wëllt awer net heeschen, dass mer den Index wëllen ofschafen. Mir wëllen, dass den Index, oder dass den Uelech innerhalb vum Index eng Neutralitéit sollt erfassen. Déi Neutralitéit ass awer net einfach en Ewechhuelen, mä op där anerer Säit si mer gefuerdert, a besonnesch eis Regierung ass gefuerdert, Alternativen opzeweisen, fir déi grouss Ofhängegkeet vum Uelech ofzebauen.

Ech mengen, mäi Virriedner, den Här Bauler, huet et och schonn hei ugeschwat: Mir brauchen onbedéngt an eiser Klimapolitik, an eiser Wirtschaftspolitik, an eiser allgemenger Entwécklung vum Lëtzeburger Land en Ausstieg aus der staarker Uelechofhängegkeet. Dofir plädéiere mer, endlech déi Diskussioun opzegräifen, déi mer ëmmer hei scho gefuerdert hunn, nämlech duerch eng ökologesch Steuerreform déi Instrumenter an d'Liewen ze ruffen, fir kënnen op där enger Säit dat e bëssen ze belaschten oder méi ze belaschten, wat zu deem garantierten Eropdreiw vum der Inflatoun féiert: all d'Uelechprodukter, an d'Uelechprodukter net eleng! Dir wësst alleguerten, dass de Gas un d'Uelechpräisser gekoppelt ass an dass domadder hiergeet, dass och de Präis vum Gas wäert an der Zukunft an d'Luucht goen.

Also op där enger Säit wëlle mer hunn, dass d'Präisser vu Ressourcen, déi endlech sinn, müssen an d'Luucht gesat ginn, op där anerer Säit awer Instrumenter an d'Liewe ruffen, fir kënnen deenen entgéintzekommen, déi eppes an deem Bësch vum der Onofhängegkeet wëllen entwéckelen, fir déi och ze ënnerstëtzen.

Also, mir denken, dass dës Wee, dee mer haut ageschloen hunn, de falschen ass, dass en haut schonn net méi wouer ass fir dat, fir wat e steet, nämlech vum engem Präis ausgaange ginn ass vun 99 Dollar de Barrel. Haut si mer scho bei 121 Dollar d'Faass Barrel. Dofir menge mer, dass mer heimadder keng längerfristeg Léisung hunn, a mir kënnen deem net zoustëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kox. Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus e Wuert vu Merci un de Kolleeg Claude Haagen fir säi gudde schréftlechen a mündleche Rapport. Den Index ass sécherlech en Thema, wat ee kann als Dauerbrenner dohinnerstellen, en Thema, wat iwwer Jorzéngten ëmmer erëm an der politescher Diskussioun war a wat och sécherlech an Zukunft wäert an der Diskussioun bleiwen.

Haut ass menger Meenung no awer net den Dag, fir heibanne grouss politesch Auseensetzungen ze maachen. Duerfir hu mer aner Deeg an aner Plaze genuch. Duerfir wëll ech haut méi prinzipiell iwwert d'Thematik Index hei e puer Wieder verléieren.

D'ADR steet zu dem aktuellen Indexsystem, esou wéi e sech eiser Meenung no an der Vergaangenheet bewäert huet. Den Index ass fir eis en Ausgläich vum Kafkraaftverloscht, deen d'Salariat kritt, nodeem d'Präisser an d'Luucht gaange sinn. Déi aner Säit, déi den Index muss bezuelen, déi argumentéieren aneschtens a soen, duerch den Index muss mer d'Präisser elo erëm upassen.

De Virdeel, aus eiser Siicht, deen den Index awer huet, ass, dass de Konsument duerch d'Augmentatioun vum Index, duerch den Ausgläich vum Kafkraaftverloscht awer seng Kafkraaft erhält an et duerfir och, aus eiser Siicht, e Virdeel fir de Commerce selwer ass. Mir hunn en inländesche Commerce, a wat d'Leit méi Geld an der Paitut hunn, kënnen se och méi Geld ausginn, an da kann eise Commerce, eis ganz Ekonomie och dovunner profitéieren.

Wichtig ass och, dass jiddwereen den Index kritt, souwuel déi Aktiv wéi déi Pensionéiert. Bei deenen Aktiven ass et wichtig, dass all Leit den Index kréien. Et kéint een och op där anerer Säit higoen a soen, ma wa mer keen Index hätten, da kéinten d'Gewerkschaften am Kader vum de Kollektivvertragsverhandlungen dee Kafkraaftverloscht mat ausgläichen.

Emol ofgesi vun deenen Diskussiounen, déi dat géif mat sech bréngen - a mer brauchen nëmmen an d'Ausland ze kucken, da gesi mer dat -, mussen mer awer wëssen, dass ganz vill Leit net ënner e Kollektivvertrag falen. An et si gréisstendeels dat och dacks Leit, déi ënner kee Kollektivvertrag falen, déi um ënneschte Lounniveau leien. An deen Abléck, wa mer keen Index hätten, da wieren déi Leit, déi net ënner e Kollektivvertrag falen, d'office vum där Augmentatioun ausgeschloss a kéinten déi net kompenséiert kréien.

Duerfir, den Index ass fir jiddweree gutt, och fir déi Leit wéi gesot, a virun allem fir déi, déi kee Kollektivvertrag hunn.

Wann ee Land an eng wirtschaftlech méi schwéier Situatioun kënnt, wéi mer se an deene leschte Joren erlieft hunn, ech mengen, dann hunn d'Gewerkschaften hei am Land och hir Responsabilitéit iwwerholl, souwuel am private wéi am öffentleche Secteur.

Wa mer d'Lounverhandlungen, d'Kollektivvertragsverhandlungen vun deene leschten zwee, dräi Joer kucken an och déi am Abléck lafen, stelle mer fest, dass dat ganz, ganz niddreg Verdrag sinn. Dat geet vum Nullronne bis liicht driwwer. Dat heescht, d'Gewerkschaften hunn hir Responsabilitéit geholl, a mir soen och als ADR duerfir kloer: Kommt, mir halen den Index bäi, fir dass jiddwereen dovunner ka profitéieren, a wann et eis wirtschaftlech net esou gutt geet, da soe mer, da fuerdere mer souguer d'Gewerkschaften op - mä, wéi gesot, déi hunn dat och gemaach -, dass se dann am Kader vum de Kollektivvertragsverhandlungen sollten éischerter eng gemässegt Lounpolitik als Fuerderung stellen, wéi op den Index ze verzichten.

An anere Länner, déi keen Indexsystem hunn, wësse mer, wat dat zu Sozialkonflikter féiert. Duerch eise System hu mer hei zu Lëtzebuerg de soziale Friden iwwer Jorzéngte kënnen erhalten. A wann eis Regierung op Promotiounsreesen an d'Ausland geet, fir de Wirtschaftssite Lëtzebuerg schmackhaft ze maachen, dann ass d'Argument vum soziale Friden, wat hei zu Lëtzebuerg ass, ee vun den Atouten, fir Betriber op Lëtzebuerg ze kréien, well se hei eben och e stabil soziaalt Ëmfeld kënne virfannen.

Ech mengen, dat ass e ganz wichtige Punkt, an deen ass gréisstendeels och drop zrëckzeféieren, well mer den Index hei hunn. Am Ausland ass dat net de Fall; do mussen Sozialkonflikter ugestriift ginn - a mir gesinn dat all Dag -, fir dass d'Leit dat dann awer kréien, wat mir hei zum Deel iwwert den Index automatesch kréien.

Net méi spéit wéi haut de Moie konnt Der um saarländesche Rundfunk, op der Televisioun schéi kucken an den Norichten, wou am Fong se d'Resultater hate vun de Lounerhéijunge vun 2010. An am Saarland, wat jo en direkt Nopeschland vun eis ass a wou och zu engem gewësse Grad Konkurrenz zu eise Betriber besteet, déi haten d'lescht Joer am Duerchschnitt eng Lounaugmentatioun vu 4,1%. 4,1%, dat ass méi Augmentatioun gewiescht, wéi mir d'lescht Joer hei am Land hate mat enger Indextranche.

Et gesäit een also, wann déi Indextranche géif ewechfalen, dass dat net op där anerer Säit keng Lounaugmentatiounen géif mat sech bréngen. Et géif och Augmentatiounen mat sech bréngen, mä d'Gewerkschaften missten dofir vill diskutéieren, vill streiden, a mer krite Sozialkonflikter, déi mer iwwert dës Wee eis kënnen erspieren.

Mä och wann een den Index géif ofschafen, ons Pensionären, a souwuel am private wéi am öffentleche Secteur, déi niewent dem Ajustement jo och den Index krite, krite dann déi Augmentatioun och net méi. An esou hu mer hei - mengen ech - och do de richtige System, deen am Fong seet, dass och d'Renten an d'Pensiounen un den Index kommen an

domadder dann eben de Kafkraaftverloscht ausgeglach ka ginn.

A wann eis Ekonomie zesumme mat de Syndikater doriwwer eraus och zur Konkusioun kënnt, dass een nach kann eng zousätzlech Upassung vun de Léin an de Gehälter maachen, dann zéie mer jo all zwee Joer do d'Moyenne vun den Augmentatiounen an ajustéieren op där enger Säit d'Renten an op där anerer Säit d'Mindestpensioun.

Bei Betriber, deenen et schlecht geet, ass et kloer, dass do och d'Gewerkschaften am Kader vum de Kollektivvertragsverhandlungen keng grouss Fuerderunge stellen. Ech erënnere drun: An den 80er Joren, wéi mer d'Stolkris haten, do si souguer an der Stolindustrie Lounkierzung virgeholl ginn, awer mir hunn den Index duerfir net ofgeschaaft. Dat weist also, dass d'Gewerkschaften schonn ëmmer eng responsabel Haltung ageholl hunn a schonn deenen ekonomesche Kritäre mat Rechnung gedroen hunn.

Duerfir, mengen ech, ass et fir eis wichtig, dass mer dee System vum Index a senger Integralitéit bäibehalen. Mir hunn dat esou an eise Wahlprogramm als ADR stoen a mir trieden och duerfir derfir an.

Wéi gesot, et kéint ee ganz vill Politesches hei mat an déi Debatt bréngen; mir wëllen haut awer aus deene bekannte Grënn dorop verzichten. D'ADR ass géint Modulatiounen a Manipulatiounen vum Index. D'ADR ass derfir, dass mer dee bewährten Indexsystem esou bäibehalen, wéi en ass, deen net méi an net manner ass wéi en Ausgläich vum Kafkraaftverloscht vun de Salariéen.

An et sinn haut jo net nëmme méi d'Salarien; ech mengen, och d'Dokteschtariffer si souguer un den Index gebonnen. An och do gehéiere bei den Dokter, zënter dass mer deenen hir Honorairen un den Index gebonnen hunn, e ganze Koup vun Diskussiounen a Streidereien a Konflikter op deem Niveau der Vergaangenheet un a sinn net méi an der Aktualitéit, well einfach deen Automatismus och op deem Niveau mat drakomm ass.

Ech mengen, mir sollten also op déi positiv Säit kucken, déi den Indexsystem hat, an duerfir solle mer och deen Indexsystem a senger Integralitéit esou bäibehalen.

Mat dësem Gesetz gëtt den Index eng weider Kéier manipuliert. Dat fënnt net eis Zoustëmmung. Duerfir wäert d'ADR och géint dës Projet stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Här President, wann ee mech géif froen, wat ech géif verstoen ënner enger ideologescher Verzerrung, da géif ech deen éischte Saz vum Exposé des motifs vun dësem Gesetz zitieren: «La récente crise économique et financière a eu des répercussions mondiales sans précédent, elle a freiné voire anéanti des années de progrès économique et social.» Domat gëtt op d'mannst zum Deel d'Verhältnis vun Ursaach a Wierkung ëmgedréit.

Meng Lecture vun der Geschicht ass eng aner: Well déi sozial Entwécklung an deene leschte Jorzéngte gebremst ginn ass weltwäit, well et eng Verdeelung ginn ass vun ennen no uewen, duerfir ass et zu där schwéier Finanz- a Wirtschaftskris komm, déi natierlech dann erëm eng Kéier, wa se um Bockel vun dem Salariat ausgedroe gëtt, néfaste sozial Konsequenzen huet. A wa mer déi Verdeelung net ëmdréien, da bereede mer déi nächst Kris schonn erëm vir.

Am Avis vun der Chambre des Métiers hunn ech e richtigen a wichtige Saz fonnt, ausgerechent en Zitat vum Här Fontagné - une fois n'est pas coutume -: «Ce ne sont pas les prix qui déterminent les salaires, mais la productivité et le taux de partage de la valeur ajoutée.»

«Le partage de la valeur ajoutée», dat heescht also d'Verdeelung vum geschafene Räichtum tëscht den Léin op där enger Säit an de Benefisser op där anerer Säit. Grad dee Partage huet sech an deene leschte Jorzéngten och hei zu Lëtzebuerg

zu Ongonschte vun de Léin entwéckelt. A genau dat, dat soe jo och entre-temps eng ganz Rei vu méi kriteschen Ekonomisten, ass eng vun de fundamentalen Ursaachen vun der Kris gewiescht, well domadder d'Nofro net mat der Produktioun nokomm ass. All Kierzung vun de reale Léin, also och all Indexmanipulatioun verschlechteren nach eng Kéier dee Partage fir d'Salariat.

Wann ech richtig verstane hunn, da fuerdert de Weltwährungsfond entre-temps jo, mir missten net nëmmen de Pétrolspräis aus dem Index eraushuelen, sondern de Präis vun de Liewensmëttelen, also d'Präisser fir déi elementairste Bedürfnissen. Mir kënnen dann och nach déi sougenannte Prix administrés eraushuelen, déi mer jo selwer hei gemaach hunn, déi och zu engem ganz groussen Deel elementar Bedürfnissen betreffen; de reale Präis fir d'Wunnen, dee scho ganz ënnerbewäert ass am aktuellem Indexkuerf, dee kënnen mer och nach eraushuelen, deen dréit elo schonn net der wierklecher Käschtenexplosioun Rechnung. Do wär wierklech nach eppes ze maache fir méi sozial Gerechtegkeet.

Ech si mat deem Gesetz net averstanen a stëmmen och dergéint.

► **M. le Président.** - Merci dem Här André Hoffmann. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun an elo kritt d'Regierung d'Wuert: den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Dir Dammen an Dir Härren, fir d'Éischt mäi Merci un d'Kommissioun, déi hei zesumme mat hirem President a mam Rapporteur en Effort gemaach huet, fir dass mer haut kënnen dee Projet hei zum Vote stellen.

Dee Projet ass nämlech noutwendeg ginn, well opgrond vun engem Accord, dee mer an der Bipartie geholl hunn zwëschen de Sozialpartner, mer géifen higoen an d'Applikatioun vun der Indextranche, wa se da géif éischerter erfale wéi den 1. Oktober, op den 1. Oktober selwer setzen. Dat ass op eemol ëmmer méi kloer ginn, wéi d'Inflatoun, bedéngt duerch d'Pétrolspräisser, déi an d'Luucht gaange sinn, an d'Luucht gaangen ass. An duerfir soen ech Merci, dass Der déi Flexibilitéit hat, esou schnell ze reagéieren.

Ech wëll och virausschécken, dass d'Indexkommissioun jo am Fong elo muer zesumme kënnt. Dir wësst, all Mount kommen d'Leit zesummen, déi an där Kommissioun sinn. Do sëtzen och d'Sozialpartner. Se wäerten d'Präisser analyséieren vum März. An eréischt am Mee ginn d'Präisser gekuckt, sou wéi se am Abrëll sech entwéckelt hunn. Dat ass deen normale Verlaf.

Dat Gesetz hei an och den Accord schaffen net um Déclenchement, mä ganz kloer op der Applikatioun; sou steet et och am Gesetz. Mir riichten eis also net nom Déclenchement a brauchen also net ze kucken, wéini den Déclenchement ass, mä wéini d'Applikatioun ass. D'Applikatioun, wann dann déi Präisser sech esou sollten entwéckelen, wéi eenzel Leit a besonnesch de Statec am Viraus gesot hunn, da wier et méiglech, dass d'Applikatioun op den 1. Mee géif erfalen. Mir schaffen op der Applikatioun a soen, an deem Fall gëtt d'Applikatioun op den 1. Oktober zrëckversat. An dat ass précisément den Objet vun deem heite Projet de loi.

Ech ginn net op déi vill Remarquen an. Dir wësst, dass mer am Laf vun den Diskussiounen - an der Tripartite fir d'Éischt, duerno an de Bipartiten - verschidde Projeten um Dësch haten. Mir haten der, déi d'Patronat virgeschloen huet; mir haten der, déi d'Regierung virgeschloen huet. Et huet kee Wäert, elo op déi alleguerten anzegoen. Ech mengen, et ass en Accord komm. Deen Accord gesäit eben dat hei vir. Dat Gesetz hei, sou wéi et an der Kommissioun behandelt ginn ass, gesäit dat och vir.

An et ass evident, dass mir déi Situatioun awer net dierfen esou weidergoe loossen. Ech widerhuele just, dass mer an deene leschten dräi Joer eng Entwécklung haten,

déi vis-à-vis vun eisen Nopeschlänner net gutt war, mat Ausnahm vun der Belsch. Während mir an deene leschten dräi Joer 6,1% gewuess sinn, wat d'Inflatioun ubelaangt, hate mer an den Nopeschlänner: an Holland 4,2; a Frankräich 5,1; an Däitschland 4,1. Just d'Belsch louch driwwer mat 6,9. An an der Eurozon louch se och drënner mat 5,3. Mir mussen also op deene Punkte schaffen.

Mir hunn en Accord an de Bipartité fonnt, fir en Observatoire des prix an d'Liewen ze ruffen. Mir haten eng Réunioun, wou ech souwuel d'Patronat wéi d'Gewerkschafte gefrot hunn ëm hir Meenung, wéi se mengen, dass een esou en Observatoire kéint fonctionnéieren dinn. Meng Servicer hunn eng ganz Rei Recherchë gemaach, fir ze kucken, wat juristeschen a wat politesch méiglech ass beziéungsweis net méiglech ass. An ech hunn en nächste Rendez-vous mat de Gewerkschaften elo op dem 4. Mee, fir ze kucken, wéi mer dat kënnen ëmsetzen.

Dir gesitt, dass mer op deene Saache schaffen. Ech wëll och drop opmierksam maachen, dass, wa mer hei vu Prix administrés schwätzen, mer ëmmer musse kucken: Wat sinn déi Prix administrés?

Et sinn déi, déi d'Chambre des Salariés do bruecht huet, déi absolut net iwwereneestëmme mat deem, wat mir applizéieren. Dass den Tarif vun der Luxair op eemol e Prix administré ass, ass mir nei. Duerfir kann een dat net deementspreechend applizéieren, sou wéi dat d'Chambre des Salariés analyséiert huet.

Et ass och esou, dass een dat, wat Eurostat als Prix administré virgesäit, net ëmmer esou ka gesinn, well an eenzelne Länner ginn eng ganz Rei Präisser fixéiert, beziéungsweis net fixéiert, op ganz verschidden Aart a Weisen.

D'Regierung huet u sech sech de Canevas gi vun 20 verschidde Präisser, déi mir als Prix administrés unhuelen an op déi mir eis och baséieren. Déi si public, dat ass also kee Geheimnis. An op deene soll een och schaffen an op deene soll een och argumentéieren, wann een da sech mat där Problematik vun de Prix administrés ausenanneretzt.

Dat ass och dat, wat mer mat de Sozialpartner wäerten um Niveau vum Observatoire des prix maachen; probéieren eng Verschlechterung eranzebréngen; probéieren ze kucken, wou mer den Hiewel wierklech kënnen usetzen a wou ganz einfach et schwierig gëtt doduerch, dass eng Augmentatioun op de Salairé mat sech bréngt, dass eenzel Tariffer noutgedronge mussen an d'Luucht goen, wann net just de Budget kann agräifen, a wann och, sou wéi et ganz oft méiglech ass, net méi méiglech ass, dass d'Regierung selwer kann agräifen.

Duerfir nach eng Kéier Merci all deenen, déi heirunner geschafft hunn. Ech hoffen, dass mer dee Projet haut votéiert kréien. Ech ginn nach eng Kéier dovun aus, dass d'Leit sech bewusst sinn, dass dat hei en Accord ass, deen net einfach war. An dass d'Regierung selbstverständlech den Accord ënnert de Sozialpartner mat der Regierung hei akzeptéiert.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Wirtschaftsminister Jeannot Krecké. Domadder si mer um Enn vun der Diskussioun. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6265 ass ugeholl mat 38 Jo-Stëmme, géint 21 Nee-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Raymond Weydert), Mme Martine Mergen

(par M. Marcel Oberweis), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydia Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 5881A iwwert de Code de la consommation. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo schon ageschriwwen: déi Häre Gloden, Bauler a Kox. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

8. 5881A - Projet de loi portant introduction d'un Code de la consommation

Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Alex Bodry** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch dëse Gesetzesprojet kritt Lëtzebuerg säin éischte Code de la consommation. Et ass net, wéi den Numm et vläicht kéint verroden, e Verhalenskodex fir en optimale Konsum, mä eng Zesummenstellung an engem strukturéierten Text vu quasi sämtleche gesetzleche Regeln, déi d'Verhältnis vum Konsument an de Professionellen aus der Wirtschaft regelen.

Et ass also e bëssen en historieschen Dag an der Geschicht vun dem Lëtzeburger Verbraucherrecht an dem Konsumentenschutz. Dëse Code de la consommation ass och den Aboutissement vun enger laangjäreger Fuerderung vun de Konsumentenschutzorganisationen hei zu Lëtzebuerg a schliesslech och d'Ëmsetzung vum Regierungsprogramm vun 2004 an 2009, an deem sech d'Parteien CSV an LSAP op d'Ausarbeitung vun engem Code iwwert de Verbraucherschutz geeenegt haten.

Ech zitieren aus deem Koalitionsaccord, dem Regierungsprogramm vun 2004, deen un der Quell steet eigentlech vum Dépôt vun dësem Gesetzesprojet: «Le Gouvernement procédera à l'élaboration d'un Code des consommateurs. Ce Code réunira les différents textes légaux actuellement éparpillés et permettra partant d'atteindre une meilleure cohésion (veuillez lire: cohérence) ainsi qu'une meilleure transparence et lisibilité.» Enn vum Zitat.

D'Objektiv also vun dëser Kodifikationsarbeit vum Verbraucherrecht hei zu Lëtzebuerg ass kloer. Et geet drëm, fir eng Vereinfachung ze erreechen, fir Uerdnung an eng ganz Rëtsch vun a villen Texter verspreete Regeln ze bréngen, a schliesslech, fir iwwert déi doten Arbeit eng besser Liesbarkeet, e bessert Versteesdemech vun deene villen Texter ze kréien, déi zënter den 80er Jore vum leschte Jorhonnert de Konsumentenschutz hei zu Lëtzebuerg regelen.

D'Geleeënheet ass benotzt ginn, fir och d'Terminologie unzepassen, ze vereenheetlechen an esou derfir ze suergen, dass et och zu enger kompletter Konkordanz vun de Lëtzeburger Texter mam europäesche Recht kennt.

Dëse Code de la consommation ass net en Typ vu Code, wéi mer e kenne beim Code civil, beim Code pénal oder och beim Code de commerce, wou eigentlech dat all Kéiers ursprénglech originell Texter sinn. An et ass kee Code, wéi mer e kennen hei zu Lëtzebuerg beim Code de l'environnement oder beim Code administratif, déi eleng eng Niewenteneestellung vu verschiddene bestehenden Texter sinn. Dëse Code de la consommation ass vun der Technik hier ze vergläiche mat där Aarbecht, wéi se hei virun e puer Joer stattfonnt huet mam Code du Travail, wou also probéiert ginn ass, bestehend Texter ze huelen, se nei ze uerdnen an an engem eenheetlechen Text ze presentéieren.

Et ass schonn eng impressionnant Aarbecht hei vu Strukturéierung a vu Synthesen, déi duerchgefouert ginn ass, mä déi leider allerdéngs och, dat muss ech soen, zënter 2008 e bësse perturbéiert ginn ass duerch d'Noutwendegkeet, fir ëmmer ënner engem gewëssenen Zäitdruck eng Rei vun europäeschen Direktiven ëmzesetzen, wat eis d'Serenitéit vun eisen Aarbechten e bësse perturbéiert huet an deene leschten dräi Joer.

De Wirtschaftsminister, de Jeannot Krecké, huet den Dépôt vum urspréngleche Projet de loi den 20. Mee 2008 gemaach. Dat sinn also elo knapp dräi Joer hier. Am Oktober 2008 ass den ursprénglechen Text eng éischte Kéier opgespléckt ginn, fir d'Direktiv iwwert déi déloyal Handelspraktiken zäitgeméis nach kënnen ëmzesetzen.

Am Mee 2010 ass, no Ofsprooch allerdéngs mat eiser Kommissioun, d'Regierung dohinnergangen an huet eng ganz Serie vun Amendementé presentéiert zu hirem eegenen ursprénglechen Text, fir zwou aner wichteg europäesch Direktive kënnen uerdentlech a schnell ëmzesetzen: eng Direktiv vum 23. Abrëll 2008 iwwer Kreditverträge fir Konsumenten a schliesslech eng vum 14. Januar 2009 iwwert de sogenannte „timeshare“. Op engem Detailpunkt, deem vun der Konformitéitsgarantie, ass schliesslech an der Tëschenzäit och nach eng Kéier speziell légiféréiert ginn.

D'Wirtschaftskommissioun huet sech am Laf vun deene leschte Joren eng gutt Dose Kéieren a Sitzunge mat deem heite Gesetzesprojet befaasst a virun allem och déi vill Avisen an aner Froen, déi mat deem Projet zesummenhängen, diskutéiert, wéi zum Beispill och d'Fro vum den Sanktionsmechanismus bei esou Vergehen an deem heite Beräich respektiv och d'Fro vun der Iwwerscheldungsproblematik, wou mer eng gemeinsam Sitzung hate vun der Wirtschaftskommissioun a vun der Familljekommissioun.

Ech wëll en décke Merci soe fir d'Gedold, déi opbruecht ginn ass, och an der Kommissioun selwer, fir dach awer oft eng technesch, juristeschen-technesch Problematik, déi sech gestallt huet a wou mer vill Stonnen Diskussiounen haten. En décke Merci also och un de Sekretär vun der Kommissioun, deen eng Heedenaarbecht hei geleescht huet, wéi awer och fir d'Expertise vun de Mataarbechter vum Ministère, déi eis zu all Moment voll a ganz zur Verfügung stoungen, déi eis gehollef hunn hei, deen heite Projet och op e gutt Enn ze bréngen.

Ech mengen also, dass insgesamt gutt legislativ Aarbecht hei geleescht ginn ass. Mä si ass natierlech net schrecklech spektakulär, an dëse Projet gehéiert trotz senger Importenz net zu deenen, déi e groussen öffentlechen Intérêt doabause provozéieren. Ech mengen dach, dass Lëtzebuerg heimadde awer e Stéck Moderniséierung och vu sengem Konsumentenschutz virhält, wat eng ganz wichteg Fro ass an engem Land, wou de Konsum eng wichteg Roll spillt, wou all Dag jiddweree vun eis, andeem en iergendwou en Akaf tätet, e Vertrag ofschléisst a wou dann u sech déi heite gesetzlech Bestëmmungen och zur voller Geltung kommen.

Fir mech selwer, wëll ech soen, war et en Erëmbegéien, no langer Zäit, mat der Matière vum Konsumentenschutz, well ech a menger Ufankszäit hei als Deputéierten - et geet an d'80er Joren zrëck - emol Rapporteur war vum Gesetzesprojet iwwert de juristesche Schutz vum Konsument, deen d'Gesetz vum 15. Mee 1987 ginn ass.

(Interruption)

Leider!

D'Konsumenterecht, dat ass eng Matière, déi ganz am Ursprung nach u sech méi eng national Essenz hat an déi mat der Zäit ganz kloer an den europäesche Beräich erakomm ass. Dat ass och ganz normal. Ech mengen, mat der Schafung vum europäesche Bannemaart gëtt et selbstverständlech, dass, wann een d'Regel vun der fräier Zirkulatioun vun de Gidder a vun de Servicer wëllt respektéieren loosse, et och logesch ass, fir eng ganz Rëtsch vu gemeinsame Regele festzeleeën, déi d'Verhältnis vum Konsument a vun de Professionelle regelen.

Et geet also drëm, fir hei eng Harmoniséierung vun deene Regeln op dem Niveau vun der EU ze kréien, fir och esou ze garantéieren, dass et net iwwert de Wee vu Konsumentenschutzregelen zu Konkurrenzverzerrung kennt respektiv zu verstopptem Protektionismus an deenen eenzelne Memberstate vun der EU ka kommen.

De Prinzip, deen d'Regierung sech virginn huet an dee mer och als Kommissioun grosso modo respektéiert hunn, dat ass, dass mer hei probéieren, déi europäesch Texter wa méiglech eent zu eent an national Recht ëmzesetzen. Et bleift awer, dass mer och gemeinsam eng Suerg hate während deene ganzen Aarbechten, dass eng Rei vu bestehenden nationale Regeln, déi hir Preuvë gemaach hunn an déi fest verankert sinn an eise Rechtssystem, net sollten elo iwwert déi Kodifikatioun hei op d'Kopp geworf ginn. Déi hu mer probéiert, esou wäit wéi méiglech och nach bäizebehalen. Mä och an deene leschte Joren ass schonn eng ganz staark Harmoniséierungsarbeit um Niveau vun der EU gemaach ginn.

Dës Ausarbeitung vun dem Code ass also eng Konsolidéierungsarbeit vum bestehende Konsumenterecht. Ausser eenzelnen neien europäesche Bestëmmungen, op déi ech méi spéit nach wäert agoen, ass et also eng Kodifikatioun no bestehendem Recht, déi hei duerchgefouert gëtt.

Et muss ee soen, dass sech awer an deenen Texter eng dach remarquabel Entwécklung erëmispigelt, wann ee bis an d'80er Jore vum leschte Jorhonnert zrëckgeet, also un den Ufank eigentlech vum Konsumentenschutz. Well ee jo awer mierkt, dass d'Tendenz ganz kloer déi lescht Joren higaangen ass, och op europäeschem Plang, fir en Ausbau vun deem Konsumentenschutz ze maachen.

De Konsumentenschutz ass net zrëckgedréckt ginn. De Konsumentenschutz ass ausgebaut ginn, zum Deel och gedriwwen duerch eng Rei vu Skandalen, déi stattfonnt hunn, duerch de Versuch oft vun net scrupulöse Leit, fir sech laanscht bestehend gesetzlech Regeln ze drécken, déi et noutwendeg gemaach hunn, och ëmmer erëm Texter vum Konsumentenschutz nozebesseren.

Virun allem awer och ass déi Tendenz gekennzeechent gewiescht déi lescht 20 Joer vun engem Ausbau och vum Sanktionsmechanismus, wou also elo net méi eleng d'Gerichter déi sinn, déi hei bei de Sanktiounen matspillen, mä wou och eng Rei vun administrative Mesurë kënnen geholl ginn, fir anzegräifen, a virun allem och, wou virun enger Rei vu Joren och d'Kloerheit fir d'Associatiounen an deem heiten Domän an eis Gesetzgebung agefouert ginn ass.

Zum Inhalt: Dëse Code ëmfaasst eng ganz Partie vu gesetzleche Reglementéierungen, déi de juristeschen an de wirtschaftleche Schutz vum Konsument betreffen. Allerdéngs ass awer dovun ofgesi ginn, fir eng Rei vu méi technesch Texter mat an deen heite Code ze integréieren. Dat gëllt zum Beispill fir eis Bestëmmungen ronderëm de Colportage an och fir méi technesch Reglementer, déi d'Gesondheet, d'Liewensmëttel respektiv d'Produktsécherheet betreffen. All déi Froen, déi an deem Code hei behandelt ginn, zentrierte sech ronderëm d'Vertragsrecht.

Wat ass elo den Opbau vun eise éischte Lëtzeburger Code de la consommation? Den Opbau ass esou, dass et fir d'Éischt ugeet mat enger Rei vun allgemengen Definitionen, déi een herno an den eenzelnen Texter erëmfënnt, wou mer also elo